ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Entwécklungshëllef weiderzeleeden.

D'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef ënnerscheet sech vun där, déi aner Länner leeschten, besonnesch och duerch de prinzipielle Verzicht op de "Retour" – also op positiv finanziell oder kontraktuell Auswierkungen zugonschte vun der Lëtzebuerger Economie. Ob dat ëmmer ganz realisabel ass, ass natierlech eng aner Fro.

Dowéinst wollt ech dem Här Minister fir Entwécklungshëllef dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass am Abléck de "Retour" vun der ëffentlecher Entwécklungshëllef fir déi lëtzebuergesch Economie?

2. A wéi wäit spillen economesch Kritären eng Roll
   - bei der Auswiel vun de Partnerländer?
   - bei der Selektioun vun de Projeten an deene Länner?

3. Wéi ginn déi lëtzebuergesch economesch Acteuren an eis Entwécklungshëllef implizéiert (Industrie, Finanzplaz, Transport, Energie, etc.)?

4. Gëtt versicht, auslännesch Marchéë fir lëtzebuergesch Entreprisen opzemaachen?

5. Wéi verleeft d'Auslafphas vun der Entwécklungshëllef a Schwellelänner (z.B. dem Vietnam an dem Cap Vert) am Hibléck op déi Lëtzebuerger economesch Interessien?

6. Wëllt d'Regierung un hirer Politik festhalen, bei där déi Lëtzebuergesch Entwécklungshëllef prinzipiell op d'Promotioun vum economeschen Eegeninteressi vun eisem Land verzicht?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique